N°164
Entrée le 06.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.10.2022

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 6. Oktober 2022

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 82 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës erweidert parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden.

D'Regierung huet sech d'Zil gesat, déi biologesch Landwirtschaft konsequent ze förderen. Den nationalen Aktiounsplang PAN-Bio25 soll dozou bäidroen, dass bis 2025 20% vun den Agrarflächen no de Reegele vun der Biolandwirtschaft bewirtschaft ginn. Vu dass zu Lëtzebuerg e groussen Deel vun deene Flächen Gréngland ass, spillen d'Vermaartung vum Bio-Rëndsfleesch a vu Mëllechprodukter an deem Kontext eng besonnesch Roll.

De PAN-Bio25 gesäit ënner anerem vir, dass d'Nofro u Bioprodukter gestäerkt gëtt. Sou solle bis 2025 50% vun de Produkter déi a Kantinnen verschafft ginn, vu Lëtzebuerg kommen. 2/5 dovu solle Bio-Produkter sinn. An enger éischter Etapp goufe Pilotprojeten gestart an de Maisons relais a Lycéeën.

Dozou wéilt ech folgend Froe stellen :

- Wat ass d'Resultat vun deenen Pilotprojeten ? Wéi héich ass den Undeel u Bio-Produiten an u Lëtzebuerger Produiten insgesamt an deene Kantinnen, déi fir d'Pilotprojeten ausgewielt goufen ? Kenne si d'Zilvirgaben aus dem PAN-Bio25 erreechen ?
- Falls net : wat sinn d'Ursaachen dofir ?
- Bei wat fir enge Liewensmëttel ass déi Lëtzebuerger Landwirtschaft an der Lag, d'Nofro vun de Kantinnen u Bio-Produkter ofzedecken ?
- Wéi héich ass am Schnëtt d'Präisdifferenz pro Menü fir d'Kantinnen, déi un de Pilotprojeten deelhuelen ?

Mat déiwem Respekt,

Tess Burton
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu